



Gemeinsam Äntwert vum Här Aussen- an Europaminister, Här Premier- a Staatsminister an vun der Madamm Gesondheetsministesch op d'parlamentaresch Fro n°7320 vum 5. Dezember 2022 vun den honorablen Deputéierte Fernand Kartheiser a Jeff Engelen

Lëtzebuerg ass net Member vum G20 an d'Regierung kann demno d'Declaratioun vu Bali net am Detail kommentéieren. D'Regierung weist allerdéngs drop hin dass d'Declaratioun zu kengem Ament virschléit, dass fir international Reesen en digitale COVID-19-Impfzertifikat sollt néideg sinn.

Zënter dem Ufank vun der Pandemie huet d'lëtzebuenger Regierung argumentéiert, dass d'Persounefräizüegeheet e Grondrecht an der EU ass, an Aschränkungen nëmmen an Ausnamesituatiounen, am Aklang mam Uniounsrecht an am Respekt vun der Verhältnisméissegheet an der Netdiskriminéierung kenne gemaach ginn.

De System vum Europäeschen Digitale Covid Zertifikat deen den 1. Juli 2021 agefouert gouf, an un dee sech eng sëllegen Drëttstaaten duerch Equivalenzen drugehaangen hunn, fonctionéiert nom Prinzip vum „3G“, also geimpft, getest oder geheelt – an huet dermadder all de Leit, och deenen Ongeimpften, d'Reese während der Pandemie erliichtert.

Lëtzebuerg, 23. Dezember 2022
Aussen- an Europaminister
(s.) Jean Asselborn